Letzebureg, den 19. September 71

Léw Elteren a Geschwester vun onsen onglecklechen Komeroden !

Léw Frenn a Bekannten !

Komerodinnen a Komeroden !

E weidert Joer ass vergângen, an nés eng Kéer sti mir hei. Dir alleguer, wie dir hei sidd, hut e schéinen Sonnden Nometteg geaffert fir ze gedenken an ze errönneren. Ze gedenken un är Kanner a Geschwester, ze gedenken un ons Kommerodinnen a Kommeroden; alles blutjong Letzeburger, dé e sataneschen Ennerdrécker vun déseit der Musel hige= muerd huet fir de Widderstand am letzeburger Vollek ze zersté'eren. Wé ons Associatiounen an ons Fédératioun an d'Liewen hu missen geruf ginn fir dé gerecht Fuerderungen an d'élémentar Rechter vun den Zwagsrekruté'erten Médercher a Jongen ze ferdédegen, du stong op éischter Stell, d'Erong an de Souvenir un ons onglecklech Komeroden héch ze hâlen. An desem Engâgement fent sein äusserlechen Ausdrock an onser alljährlechen Journéé Commémorative.

Ons Journéé Commémorative ass d'Kärsteck am Liewen vun dem Enrôlé de Force a muss et och bleiwen. Wa mir ons égen Journéé Commémorative opginn, da gi mir ons selver op. A wann Pap a Mamm, Bruder oder Seschter vum onglecklechen Zwagsrekruté'erten, a wann den énzelen Enrôlé selwer, wé och seng Frenn sech fir desen Dâg, émol am Joer, net frei kenne mâchen, fir an aller Öffentlechkét, firun onsem Land a firum Ausland ze gedenken an ze bekennen, da sin dé Iwerliewend net wert, dass 3500 jong Letzeburger hirt Liewen fir d'Hémecht gin hun.

An dofir dir Léw alleguer wé dir iech hei afond hut, soen ech iech merci! Ech soen iech merci am Num vun alle Geafferten an ech soen iech merci am Num vun den Komeroden aus dem Centrâl- a dem Fédératiounskomité.

Ons all huet dé leschte Krich ausser onsen égenen Sacrificer, onsem Verloscht vun onersetzlechen Jugendjoeren, u matériellen a gesondhét= lechen Perten, och nach doeriwer eraus schwé'er Verpflichtungen opgeluecht.

Verpflichtungen onsen Dodegen a Vermôssten geint iwer

Verpflichtungen geint ons Kanner

Verpflichtungen op nationalem Plang wéi och op internationalem ~~Plang~~ Gebiet.

Gottseidank konnte mir an dénen leschten 10 Joer eng Rei vun onsen Verpflichtungen alésen. Duerch ons Aktivitéit hu mir et ferdeg bruecht dé méscht vun onse Fuerderungen ze réalisé'eren. Leider bleiwen nach Messtänn bestoen an trotz allem Widderstand, trotz aller Opositioun a Schwieregkéten dirfen mir ons net ze ginn bis och onst lescht legitimt Recht réalisé'ert ass. An dofir musse mir Joer fir Joer op onserer Journée Commémorative, niewend onsem Errenneren a Gedenken un ons Komeroden, och weider verlângen, réklamé'eren, warnen an ukloen. Well, wât kennte mir vun âneren verlângen, wa mir ons selver opginn. Wa mir selver géfen d'Kneppelen bei d'Tromm ~~geheilen~~ léen.

Mir mussen onse Gesetzgeber esou lâng drängen bis hien dât ominöst Krichs'schiedegesetz ännert!

Mir mussen di jeweileg Regierung esoulâng ukloen bis si ons gerecht Fuerderungen op Gleichberechtijongen légalisé'ert.

Et gét ons net duer mat schéine Wieder a Verspriechen vu Ministeren, Députe'erten a Politiker. Mir brauchen gesetzlech gerégelt Tatsâchen.

Mir mussen un dé kommend Joeren denken. Dass mir all gesondhétlech Schued gelidden hun, doriwer besteht kén Zweiwel an dass mir Recht drop hun dass dém och bei onsem Pensioné'eren Rechnung gedroe get, misst elo och bâl onse verantwortlechen Instanzen aliechten. Mir verlângen an drängen drop, dass mir entweder eng Rei Joeren éischter an de Genoss vun onserer Pensioun kommen oder ouni Verloschter mat enger frézeiteger Pensiounsrent kennen d'akor sin.

mir messen ons Kanner ze verdedegen. [illegible] an der Vergangenheet
gestart hun, eso musse mir sech an der Zukunft weider fu'ren. Op dat a
3) klengem Optrett oder ze massen Demonstratiounen wé den 24 Juni. Op dat virun engem Ministère, enger Botschaft oder um Kiergbierg. A wann et muss sinn, genau eso wé hei zu Letzebuerg, eso och zu Bressel oder zu Bonn

Mir mussen dofir suergen, dass ons Kanner an och mir onsen âlen Dâg a Roh a Fridden verbrengen kennen. Net nemmen a Fridden hei am Land mä och a Fridden an der Welt.

Et soll ké gléven, dass mir géint eng nei Uerdnong an der Gesellschaft an an der Welt sin. Ons ass genau esou kloer wé dém élsten wé och dem jengsten Verfechter vum verénten Europa, dass Deitschland net kann aus der Gemeinschaft ausgeklammert ginn. Mir si fir e stârkt Europa. Mä mir sin net fir en Europa dât op Verdé'ungen opgebaut ass. Mir wieren ons géint Falschhét an Heuschelei.

Mir priedegen kén Hâss, âwer mir lossen och net zo, dass d'Vergângenhét verdréht a gelégnet gett.

Mir sin berét fir ze verzeihen, wa mir och net vergésse kennen a net dierfen.

Âwer mir sin net berét ze verzeihen, wa mir gesinn, dass hannert enger geheuchelter Fassade, Intrigen a Fierdem gesponnen gin dé absolut net am Interessen vun allen bedélegten Natiounen sin. Mir accepté'eren keng Arrangementer a Verträg dé nömmen ausgeriecht sin fir éseiteg Avantagen ze réalisé'eren op d'Keschten vun den Noper.

Mir sin net dakor dass Deitschland, dât onsem Land esou immens Vill moralesch a matériell Schied bruecht huet sech lânscht seng Schold dréckt a sech op d'Keschten vum Affer bereichert.

Mir Enrôlés, hun am Krich ons Pflicht gemât, vis a vis vun onsen Familien a vis a vis fun onser Hémecht. Mir hun ons d'Land wéder verloss nach verroden. Mir konnten a können nach ëmmer an iewerall jidderengem riecht an d'Âe kukken. Wa mir ons Journée feieren, wa mir duerch d'Strossen zé'en, manifesté'eren a protesté'eren, kenne mir ouni ze zecken de Kapp héch a riecht hâlen. Mir hun ons neischt firzewerfen. Vill âner musse sech da längst verdrécken oder d'Âen niederschloen. Siew et dass si ze feig a schei wâren. Siew et dass si gehollef hun ongerecht Gesetzer a Verträg verbriechen, siew et dass si sech hieren sougenannte Patriotissem reich an déck bezuele geloos hun.

Des Zort wellt natierlech net mé un hier Vergângenhét errönnert gin a liewen an dauernder Ängscht dass dé bés Enrôlés kennten én Dâg nach weider Détailer fun hierer ruhmloser an égoïschtischer Aktivité't publik mâchen. An ech mengen si ieren sech och net an dém Punkt.

Gottseidank, ass hir Zuel kleng, wann hieren Afloss och munchmol immens grouss an de Gros vun de Letzeburger stin zu hiere Médercher a Jongen aus dem Krich, sie stinn haut nach zu hinnen wei sie och a schwé'erster Zeit zu hinnen gehâlen hunn. Wât hätte mir jong Leit ausriechte können géint e stârke Preis wann net dausenden vun trei a gudde Letzeburger sech onser ugeholl a gehollef hätten. D'Verdélung vun der Médaille de la Reconnaissance Nationale an dénen leschte Joeren beweist, wéivill Familien uerchtert d'ganzt d'Land berét waren Haus, Haff a Liewen op d'Spill ze setzen fir de Jongen ze höllefen. Sie hun démols stell an onopfälleg gewierkt a sin och haut nach én Herz a Senn mat hiere Jongen. Âwer och mir wessen wât mir all dese Gudden un Dank schelleg sin a mir hâlen och net mat onsem Merci hannert dem Biereg. Mir sinn eng Generatioun dé gelé'ert huet dankbar ze sinn a mir sin och haut nach all dénen dankbar dé zu ons stinn, dé mat ons hâlen a sech mat ons asetzen fir Gerechtegkét, Fridden a Fréd teschend alle Menschen.

Wé de Fédératiounskomité unfangs August un d'Organisé'eren vun deser Journée Commémorative geduecht huet, wâre mir iwerzécht dass onse Monument National um Kano'nenhiwel wi geplangt ufangs Oktober net färdeg géf. Zenter dem leschte Mettwoch wesse mir, dass fir den 10. Oktober d'Monument eousweit färdeg ass, an dass d'Inauguratioun och den 10. Oktober Nomettes organisé'ert gett.

Och an der Réalisatioun vun desem Monument National kenne mir stolz an houfereg jidderén an d'Âe kukken. Well wan ons Fédératioun net gewiecht wär, wär dest Monument net erriecht gin. Wann d'Solidaritét vun allen Enrôlés mat den Elteren an d'Familjen vun eisen Dodegen a Vermössten net 10 Joer lâng fest an hârt bestânen hätt géwen ons onglecklech Komerodinnen a Komeroden net op allerhéchster Stuf mat allen âneren Helden an Affer fir ons Hémecht matgeé'ert gin.

5)

Wann och nach haut an nationalen an internationalen Gesetzer Zweiwel iwert Aschätzung vun der Zwagsrekruté'erung bestoen kennen, esou gett âwer elo d'Beurtélung vum Affer vun onse Gefâlenen a Vermössten als gestuerwe fir d'Hémecht, an aller Öffentlechkét dokumenté'ert a garanté'ert. A wann nach én wellt Zweiwel hun dann ergét haut mein Appel un iech alleguer nach e Sonndeg Nommeteg ze afferen an e Sonnden den 10. Oktober iech hei op der Place d'Armes um 3 Auer nés eng Kéer Rendez-vous ze ginn. Mir ginn dann an engem erhabenem Cortég an oprichteger Solidaritét vun allen Enrôlés an d'Elteren, mat hieren Frenn a Bekannten zur Aweiung vum Monument National. Un der Spetzt wé mir dât gewinnt sin ons Fuendelen. Hannendrun dréit all fédéré'ert Associatioun an all Sectioun hier Gerb dé dann an enger lânger Rei' firum Monument den groussen Affer vun de Joergäng 20 bis 26 duerstellen.

Ech mâchen en Appel un iech alleguer. Dir all, op dé onsen Central Komité nach emmer ziele konnt, siowt och den 10. Oktober derbei. Suergt derfir, dass och dé, die haut félen, sech och frei mâche kennen. Et ass ons dé Sonndeg eng Geléenhét gebuenden, nés eng Kéier virun onsem Land, virun onsen héichsten an höchsten Instanzen ze demonstré'eren dass d'Enrôlés nach do sin. Dass duerch eng masseg Présenz bewisse gett, dass nach emmer mat hinnen ze rechnen ass. An dass si virun allem net gewöllt sin, sech, an hier gerecht Fuerderungen opzeginn.

Leiw Komerodinnen a Komeroden,

Den 10. Oktober ass net den Dâg wo' duerch Revendicatiounen an hârt Manifestatiounen oder irgend eng Ausschreitung onser gudder a gerechter Sâch gedengt ka ginn. Au contraire, all falsche Gest oder Wuert kann onserer E'er méi schueden wé hellefen. Âwer et ass och eng émolech Gelegenhét fir an digner Form mat héigem Kapp all dé dierfe riecht an d'Âen ze kucken dé émol Zweiwel hâten an haut nach hun, un onserer Haltung an um Affer vun onsen Dodegen dé mir é'eren.

An desem Monument hu mir all Garantien, dass ons léw Dodeg fir emmer op héchster Plâtz geé'ert gin an mir hun och Versecherung dass wa notwendeg a gewönscht Présenz vum Enrôlé durch Iwerrechter oder duerch symbolesch Materien am Monument selver Plâtz ka fannen.

All Elteren a Geschwester dénen en Kand weit Dobaussen an wessen net wo' begruerwen léit, hun endlech eng Plâtz wo' si ongesté'ert a ro'ech bei all Geléenhét eng Weil kenne verbrengen an e puer Blumen als Souvenir kennen droen.

Ech zielen op iech alleguer. Dir hut är Komitéen nach nie am Stach geloss an mir hoffen och mat ärer Komerodschaft mat ärem Zesummenhâlen , dass mir et färdeg brengen ons Aktiounen esou ze starten an eso' ze fé'eren dass och di lescht Bastiounen fâlen a mir dann a Fridden an an E'er Joer fir Joer onsen Dodegen op der Journée Commémorative vun den Enrôlés de Force gedenken kennen, zum Wuel vun onser Hémecht, zum Wuel vun Europa an zum Wuel vun onser ganzer Welt..